PIRATEN
PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Lëtzebuerg, den 26 September 2024

# Communiqué

D'LSAP huet e Mëttwoch per Communiqué an der Press matgedeelt, dass d'Marie-Marthe Muller, déi fir d'Piraten am Stater Gemengerot souz, decidéiert huet, fir ze demissionéieren a bei d'LSAP ze wiesselen.

Ee groussen Deel vun der Parteileedung vun de Piraten ass entweder Minutte virum Communiqué oder eréischt an der Press iwwert dëse Virgang informéiert ginn.

Kee Courage, keen Anstand an och net de gudde politeschen Toun vun enger Conseillère vun der Staat Lëtzebuerg souwéi enger Partei, déi sech sozial Wäerter op de Fändel schreift. Mir verurteelen dës Virgoensweis op dat Schäerfst, souwuel vun der LSAP als och vum Marie-Marthe Muller. D'Virgoensweis seet vill iwwert de Charakter vun enger Stater LSAP an och dem Marie-Marthe Muller. Et ass eng Approche, déi wéineg Respekt vis-à-vis vun de Memberen vun der Stater Sektioun weist, déi am Wahlkampf fir d'Piraten Woche laang Plakater ophänke gaange sinn.

Et erschéngt alles komesch. D'Marie-Marthe Muller ass laut der Presse net averstane mat der politescher Richtung, eng Richtung déi d'Madame Muller, besonnesch wat Positiounen an der Staat ugeet, wéi d'Heescheverbuet, sëlwer matbestëmmt a gedroen huet. Op zu Schëffleng, national oder och elo an der Staat, de Mandatsklau schéngt bei der LSAP zum Modus operandi ze ginn.

D'Parteileedung vun de Piraten wäert dëse Virgang net einfach akzeptéieren an iwwer weider Schrëtt an dëser Affaire beroden.